ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Oktober 2017

Här President,

den 28. Juli 2017 hat ech dem Här Wirtschaftsminister an dem Här Finanzminister eng parlamentaresch Fro (Nummer 3174) gestallt am Zesummenhang mat enger eventueller Implantatioun vun der Firma Google zu Lëtzebuerg.

Ech hunn dobäi sechs ganz konkret Froe gestallt, déi vun allgemengen Interessie sinn. D'Regierung huet méi wéi zwee Méint gebraucht (d'Reglement vun der Chamber gesäit 1 Mount vir), ier si op meng Fro reagéiert huet.

Leider muss ech feststellen, datt dëst Schreiwes net iwwert allgemeng Floskelen eraus komm ass. D'Regierung huet net eng eenzeg Äntwert op meng konkret Froe ginn.

Dofir bieden ech Iech, Här President, meng Fro vum 28. Juli der Regierung nach eemol weiderzeleeden mat der Demande, fir konkret Äntwerten op déi 6 konkret Froen ze kréien, an dëst an engem raisonnabelem Delai.

Mat déiwem Respekt

Gast Gibéryen

Deputéierten